



vun deem Statslabo do ze profitéieren, fir eng Rei vun zousätzleche Servicer, Aktivitéiten dorop opzebauen, also Synergie méiglech ze maache mat aneren, och privaten Instituter, déi kéinten do sech usiedelen.

Et ass och ugeduecht vu Säite vun der Gemeng Diddeleng respektiv vum CHEM oder vun der Fondation François-Elisabeth, fir en neien Zenter eigentlech fir déi geriatresch Rehabilitatioun och bei deem Statslabo do unzesiedelen. D'Gemeng Diddeleng huet op jidde Fall an deene leschte Méint do zousätzlechen Terrain kaaft, fir dat doten och praktesch méiglech ze maachen.

Dëse Projet ass, dat wëll ech betounen, och e Beispill vu konkreter Dezentralisatioun bei der Uplanzung vu staatlechen Institutiounen, eng Politik, déi awer relativ nei ass, déi nach e bëssen an de Kannerschong stécht, mä déi awer lues a lues Fortschrétt mécht an och konform ass zu de Richtlinnen, déi d'Landesplanung zënter laange Jore schonn an där doter Hisiicht gëtt.

Et ass och esou, dass den Emplacement en direkten Usschloss huet un eist Netz vun den Autobunne respektiv och eng Zuchverbindung an der direkter Noperschaft ass. Konkret gëtt och geplangt un enger Buslinn, fir ze garantéieren, dass also d'Ubannung un d'öffentlecht Verkéiersnetz garantéiert ass op deem dote Site, wat wichteg ass, well jo och do eng ganz Rëtsch vun Aarbechtsplazen dohinner kommen, wou bis elo weider keng Aktivitéite waren.

Dat ass also elementar, wéi et och wichteg ass - an den Nohaltegkeetsminister weess dat och a senger aler Fonctioun als Baute-minister -, dass déi Opfahrt an Ausfahrt vun der Collectrice du Sud op Biereng muss ëmgebaut ginn, dass do muss e Rond-point hikommen, och am Hibleck op d'Erschléissung an déi nei Orientéierung, déi déi al WSA-Terrainë sollen zu Diddeleng/Beetebuerg kréien, wou et also jo ugeduecht ass, fir e Logistikzenter do opzebauen. Och dat bedeit natierlech vill Trafic, dat bedeit och d'Noutwendegkeet, fir do also och d'Virussetzunge vun den Infrastrukturen hier ze schafen, dass esou e Site, dee bis zu 1.000 Aarbechtsplaze kéint an enger Endphas opfänken, och kann uerdentlech fonctionnéieren.

Dat gesot, mengen ech, ass feststellen, dass dat hei e wichtege Projet ass fir eis national, eis öffentlech Laboen, e wichtege Projet ass natierlech och fir de Süden a besonnesch och fir de Raum Diddeleng/Beetebuerg. An deem Sënn gëtt eis Fraktioun selbstverständlech den Accord zu dësem Projet de loi.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Alex Bodry Merci. Als leschte Riedner ass den Här Jacques-Yves Henckes agedroen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll och am Numm vun der ADR begrëissen, dass mer dëse Projet de loi endlech virleien hunn. Ech wëll dorun erënneren, dass ech den 21. März 2008 an enger Question avec débat an och am Oktober 2008 iwwer eng Question parlementaire gefrot hat, wou mer dann dunn endlech mat deem Projet dru wieren, well mer notamment e ganz grouse Problem hunn am Kader vun der Médecine légale.

Mir wëssen, dass mer am Ablack eng ronn 80 Autopsien am Kader vun der Médecine légale maachen. Do kommen nach eng 800 Autopsies civiles derbäi. Mir hunn och e Problem vun ADN, well déi Analysen, déi do gemaach ginn, queesch uechtert d'Welt geschéckt ginn. Et ass also wichteg, dass déi op enger Plaz konzentréiert ginn an dass se och do analyséiert ginn. An deem Sënn ass et jo och elo e Progrès, dass dat elo soll geschéien.

Nach muss een awer och ervirsträichen, dass aus dem Projet de loi net ganz kloer ervirgeet, wat fir eng Aktivitéiten higinn. Sou wéi ech et verstanen hunn aus dem Commentaire des articles, sollen dohinner kommen also: d'Médecine légale proprement dite, mä awer och d'ADNen an d'Toxikologie.

Wat feelt a mengen Aen, ass, dass och d'Police scientifique misst op déi Plaz

kommen, well souwuel d'Médecine légale also an d'ADNen an alles an d'Police scientifique ganz oft musse matenee schwätzen a souguer heiansdo mussen zesummen op den Terrain goen.

Duerfir wier et net schlecht, Här Minister, wann och an deem Gebai, wat virgesinn ass, géif d'Police scientifique mat ënnerbruecht ginn. Quitte, dass mer da vläicht mam Innenminister e bësselche Schwie-regkeeten hätten, wien dann do d'Kompetenzen hätten, mä ech géif awer unhuelen, dass et méiglech wier, fir dat doten um Niveau vun der Regierung ze regelen, fir dass mer hei eng effikass Organisatioun kréien.

An deem Kontext sinn ech och frou, dass den Här Gesondheetsminister elo hei bei dësen Debatten derbäi ass. Well an der Äntwert, déi e mir op meng Question parlementaire ginn hat, hat en dorop higewisen, dass: «Le Gouvernement entend déposer sous peu un projet de loi portant réorganisation du Laboratoire national de Santé...», fir dass justement déi Evolutiounen, déi elo noutwendeg sinn, sollte kommen.

Duerfir wier ech frou, wa mer do e puer zousätzlech Informatiounen kéinte kréien. Well à mon avis, vläicht iren ech mech jo do, mä hunn ech de Projet de loi nach net gesinn. Et wier awer elo gutt, wa mer kéinten op jidde Fall dee Projet de loi fäerdeg hunn, ier d'Gebai selwer dosteet.

Et ass wichteg, dass hei déi eenzel Fonctionnalités diskutéiert ginn, fir dass mer méi effikass kënne schaffen a fir dass mer - just nëmmen, fir lech d'Wichtigkeet unze-ginn - d'ADN-Analysen hei zu Lëtzebuerg maachen. Et kann net esou sinn, dass Leit sechs Wochen am Prisong sëtzen, ier eng ADN-Analys gemaach ka ginn an dass se dann herno erausfannen, dass déi Persoun total onschëlleg ass a muss fräigesat ginn. An der Tëschenzäit kënnt Der lech denken, wat mat sengem Employeur an an der Famill geschitt ass. Dat dierf et net ginn. Duerfir ass et wichteg, dass mer dëse Projet esou séier wéi méiglech duerchkréien an dass och d'Aart a Weis, wéi soll am Laboratoire geschafft ginn, déi ganz Konzentrationen an d'Missiounen, sollen och zesummen diskutéiert ginn.

Dat gesot, nach eng Kéier den Accord vun der ADR zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Henckes Merci. Elo kritt d'Wuert d'Regierung. Fir d'éischt den Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Villmools Merci, Här President. Ech soen och hei nach eng Kéier dem Rapporteur an der Kommissioun Merci fir déi gutt Aarbecht, déi se geleescht hunn.

Zwou Saachen, déi ech wollt äntwerten. Fir d'éischt dem Här Bodry, dass ech wäert kucken, wéi et mat de Sue vun der Gemeng Diddeleng ass, fir dass mer dat, wat de Stat der Gemeng schëlleg ass, och esou schnell wéi méiglech geregelt kréien. Ech weess elo net genau, wou den Dossier drun ass, mä dat wäerte mer verifiéieren.

Dat Zweet, fir dem Här Henckes ze soen, dass et effektiv esou ass: Wa mer hei d'Médecine légale maachen, dann ass dat effektiv an deem Laboratoire hei, dass dräi Sektione fonctionnéieren, déi e groussen Deel vun deem, wat Dir elo gefrot hutt, awer wäerten operationell kënne maachen: op där enger Säit déi ganz Autopsie-médico-légale, also all déi Aarbecht, déi do ronderëm läit; dat Zweet, dee ganze Laboratoire vun den ADNen, wou relativ kuerz, schnell kënne ADN-Analyse gemaach ginn, wat och e wesentleche Bestanddeel vun enger Police scientifique ass; an dat Drëtt ass d'Toxicologie légale, wat sech och dorëmmer beweegt. Sou dass ech mengen, dass mer hei e ganzen operationellen Apparat kënne op d'Bee setzen niewent all deenen anere Strukturen, déi dësen zweeten Deel kritt an déi den éischten Deel souwisou schonn hat.

Et ass nach eppes, wat vum Här Bodry opgeworf ginn ass: Dass hei effektiv de Waasserlaboratoire net mat dran ass. Et huet een ëmmer verschidde Synergie-méiglechkeeten, wann ee probéiert, esou

Laboratoiren ënnerdaach ze kréien. Hei ass décidéiert, fir den op Belval ze setzen, mat enger Rei anere Strukturen, wou en och dobäi gepasst huet, enger Rei aneren Administratiounen, wou en och Sënn mécht. Et hätten een esou oder anescht kënne entscheeden. Mir hunn déi hei Entscheedung esou geholl. An ech mengen, déi ass och an der ganzer Logik vun der Opdeelung vun deenen eenzelnen Institutiounen sënnvoll an novollzéierbar.

Iwwert déi aner Froen, déi nach gestallt gi sinn, mengen ech, wollt de Gesondheetsminister nach e Wuert soen.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler Merci. Da kritt nach d'Wuert den Här Gesondheetsminister Mars Di Bartolomeo.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé.**- Villmools Merci, Här President. Just fir drop hinzewiesen, dass den Avant-projet de loi fir de Statut, den neie Statut vum Gesondheetslabo zënter längerer Zäit fäerdeg ass, dass allerdéngs dee Projet de loi oder Avant-projet de loi keng Äntwert op eng Rei vu spezifesche Froen konnt ginn, déi sech haut am Labo stellen.

Et ass e Projet de loi, dee baséiert op engem Statut vun engem öffentlechen Haus, also engem Établissement étatique. Nu stelle sech awer bei enger Rei vu Carrière respektiv Spezialitéiten extrem Problemer, fir iwwerhaupt déi Spezialitéiten nach rekrutéiert ze kréien. Dat gëllt ënner anerem fir d'Pathologen, Leit, déi zwielf Joer Universitätsstudië mussen absolvéieren an déi een no engem classesche Statsbarème kaum kann ugemisse bezuelen. Déi si scho souwisou esou selte wéi rosa Elefanten. Wann ee se dann nach vill méi schlecht bezilt, wéi se am Ausland a spezialiséierten Instituter bezuelt ginn, da kritt ee keng oder et kritt een déi falsch, sou dass d'Regierung an hirem Regierungsprogramm festgehalten huet, dass mer entweder ganz kuerzfristeg eng Äntwert op déi dote Problematik fannen am Rahme vum öffentleche Statut.

Mir mussen allerdéngs Gas ginn, well soss verkümmere eenzel wichteg Abteilungen vun deem Labo. Oder mir mussen op de Wee vun engem Établissement public goen, fir déi Fräiheet ze kréien, déi dobauss gebraucht gëtt, fir dass eenzel Spezialitéiten iwwerhaupt nach kënne besat ginn.

Hannert dem Begrëff Anapath stinn déi Analysen, déi mer brauche fir Diagnose kënne ze maachen, ob ee vun engem Kriibs befall ass oder net. An do ass wierkelech net de Geck dermat ze maachen. Et huet och den Advantage, dass, wann déi Analysen eleng iwwert de Labo gemaach ginn, mer en anstännege Register kënne opstellen.

Et ass also an deenen nächste Méint, wou sech décidéiert, ob mer Moyenë kréien am Rahme vun öffentleche Statut, oder mer, wa mer déi net kréien, malgré nous, mussen op de Wee goen, fir dem Labo déi Fräiheet ze ginn, fir kënne virun ze fonctionnéieren. Et ass kee Selbstzweck, mä wann et net an deem enge System geet, da muss een deen anere probéieren, well deen Etablissement, an dat hunn déi lescht Méint gewise bei der neier Gripp, ass en extrem wichtigen Etablissement fir d'Santé publique a mer dierfen deen net verkümmere loosse.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Gesondheetsminister Merci fir seng zousätzlech Explikatiounen. Mir sinn domadder um Enn vun eiser Diskussioun a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. Duerno de Vote par procuration. De Vote ass heimat ofgeschloss.

De Projet de loi 6061 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par M. Lucien Clement), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Lucien

Thiel), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Marcel Oberweis), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Raymond Weydert), Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par M. Michel Wolter), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5823 iwwert d'Permissions de voirie. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Hären Etgen, Diederich a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ali Kaes. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

► **Une voix.**- Très bien!

4. 5823 - Projet de loi sur les permissions de voirie et modifiant la loi modifiée du 16 août 1967 ayant pour objet la création d'une grande voirie de communication et d'un fonds des routes

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Ali Kaes (CSV), rapporteur.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet mat der Nummer 5823, iwwert dee mer haut am Parlament hei ofstëmmen, ass u sech en éischter tech-nesch Dossier, well en déi sougenannte Permissions de voirie regele soll.

Sou kënne déi meeschte Leit sech dann och ënnert dem Begrëff „Permission de voirie“ net direkt eppes virstellen, obwuel schonn a sech praktesch jiddweree vun eis a sengem Liewen op d'mannst eemol mat enger Permission de voirie ze dinn hat, an zwar dann, wann en zum Beispill en Haus, eng Garage, eng Mauer, eng Zoufahrt baue respektiv eng Stee oder e Schëld op-riichte wollt. An deem Fall huet en, esou wéi dat fir all Zorte vun Aarbechten, Aménagement a Konstruktioun laanscht d'öffentlech Stroosse gëllt, eben eng Permission de voirie beim zoustännege Ministère oder awer bei der Gemeng ufroe misse.

Dir gesitt also, léif Kolleeginnen a Kol-leegen, dass d'Permission de voirie jidd-weree vun eis betreffe kann an de vir-leiende Projet deemno eng grouss Inzidenz huet. Datselwecht gëllt och fir de Lëtze-buerger Stat, fir deen d'Permission de voirie net nëmmen e wichtegt adminis-tratiiv, mä och politescht Instrument ass.

Et dierf een am Kontext vun de Permis-sions de voirie nämlech net vergiessen, dass de Stat duerch de Minister vun den öffentleche Bauten de Wiechter vum öffentleche Stroossennetz ass. Esou ass et eng vun den Haaptaufgabe vum Stat derfir ze suergen, dass dat öffentlecht Stroossen-netz am beschtméiglechen Zoustand ass, fir dass de Verkéier geregelt a sécher ka fonctionnéieren. Doriwwer eraus muss de Stat awer och d'Zuel vun den individuellen a kollektiven Accèsen zum öffentleche Stroossennetz begrenzen an am A be-halen, an dat fir ze verhënneren, dass an



eisem Land total chaotesch Zoustänn kennen entstoen.

Här President, mat all dese Punkte beschäftegt sech eben dese Gesetzesprojet, deen ënnert dem Stréch d'Modalitéiten an d'Prozedure festhält, no deenen de Minister vun den öffentliche Bauten an enker Zesummenaarbecht mat der Administration vun de Ponts et Chaussées d'Permissions de voirie fir d'gesamt Stroossennetz accordéiert.

Bis dato ginn a sech d'Permissions de voirie am Groussen a Ganzen nach vu Gesetzter aus de Joren 1843 an 1976 geregelt. Allerdéngs enthalte béid Gesetzter eng ganz Rei vu Bestëmmungen, déi mëttlerweil scho laang iwwerholl sinn. Duerfir ginn dës Gesetzter an Zukunft duerch de virleienden Text ersat. An dësem Sënn huet de Baute-minister de Gesetzesprojet Nummer 5823 den 19. Dezember 2007 an der Chamber déposéiert.

De Statsrot huet am ganzen dräi Avisen zu dësem Projet ofginn. En éischten Avis de 7. Oktober 2008, en zweeten den 31. Mäerz an den drëtten de 5. Mee 2009.

An der Bautekommissioun vum 15. Januar 2008 gouf ech zum Rapporteur vun dësem Projet genannt. Duerno hu sech d'Membere vun der Bautekommissioun véiermol getraff, fir de Gesetzesprojet, awer och den éischten Avis vum Statsrot ze analysieren.

Während deene Réuniounen huet d'Bautekommissioun eng Rei Amendementer ugeholl, déi dunno dem Statsrot zougestallt gi sinn. De Statsrot huet déi Amendementer den 31. Mäerz aviséiert an un d'parlamentaresch Kommissioun zrëckgeschéckt. D'Bautekommissioun huet sech doropshin am Abrëll zweemol getraff, fir den zousätzlechen Avis vun der héijer Kierperschaft ënnert d'Lupp ze huelen an hirersäits nees eng Rei Ännerungsvirschléi unzuhuelen, déi dunno zrëck un de Statsrot gaange sinn.

Déi héich Kierperschaft huet déi parlamentaresch Amendementer an hirer Sëtzung du vum 5. Mee 2009 behandelt. An der Réunioun vum 23. September 2009 huet d'Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung, déi no de Wahlen d'Bautekommissioun ersat huet, mäi Mandat als Rapporteur vum virleiende Gesetzesprojet bestätegt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Ali Kaes** (CSV), *rapporteur*.- De 14. Oktober huet d'Nohaltegekeetskommissioun dunno den zweeten zousätzlechen Avis vum Statsrot analyséiert an d'Virschléi vun der héijer Kierperschaft alleguerten ugeholl. Schlussendlech huet déi zoustänneg parlamentaresch Kommissioun dese Rapport an der Sëtzung vum 11. November dëst Joer ugeholl.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech op déi substanzuell Ännerungen, déi de Gesetzesprojet par rapport zur där aler Gesetzgebung virgesäit, aginn, wëll ech en essentiellen Aspekt vum virleiende Projet ervirhiewen, deen engem a sech beim Liese vum Text vläicht net direkt bewosst gëtt. Déi nei Gesetzgebung huet nämlech am Verglach zu den aktuelle gesetzleche Bestëmmungen de Virdeel, datt si offiziell d'Tatsaach berücksichtegt, datt d'Permissions de voirie eng kruzial Roll bei der Ëmsetzung vum IVL an der Landesplanung spillen.

Zur Erënnerung: Beim IVL an der Landesplanung geet et am Résumé dorë, datt eist Land méi staark dezentraliséiert gëtt, datt fir eng méi funktionell Mëschung gesuergt gëtt, datt d'Distanzen tëschent der Aarbechtsplaz an dem Wunnuert verkierzt ginn, datt den öffentliche Transport an déi lichte Mobilitéit geförderet an eng méi dicht Bebauung ënnerstëtzt ginn.

Bei der Ëmsetzung vum IVL-Konzept an der Landesplanung huet de Stat mat de Permissions de voirie e praktescht Mëttel an der Hand, fir méi effikass kënnen géint déi aktuell an zukünfteg Verkierersproblemer virzegoe respektiv se ze bekämpfen. Ze bekämpfen, well et duerch si zum Beispill méiglech ass, fir méi Couloire fir den

öffentlechen Transport respektiv fir d'Mobilité douce wéi de Vëlo ze schafen, andeems d'Stroosse vergréissert ginn oder awer dem Foussgänger méi Plaz a Komfort ze bidden, andeems d'Trottoiré méi breet gemaach ginn.

Derniewent wäert dese Projet de loi derfir suergen, datt den individuellen a kollektiven Accès zum staatleche Stroossennetz konform zum IVL an zur Landesplanung ass, fir esou ze verhënnere, datt d'Stroosseverbindungen iwwerall wéi Champignonen aus dem Buedem schéissen an onkontrolléiert an onkoordinéiert un den öffentliche Réseau ugeschloss ginn.

Här President, et stellt ee bei engem zweete Bléck op de virleienden Text also séier fest, datt d'Permission de voirie e wichtegt politesch Instrument fir déi zukünfteg Gestaltung vun eisem Land ass.

Op wéi eng Stroossen, technesch Beräicher bezitt sech de virleiende Projet dann elo? Bon, emol fir d'éischt op déi ënneran iwwerierdesch Infrastrukture vun de Gemengen a vun de Concessionnaires. Dann natierlech och op d'Infrastrukturen, déi d'Verkiererssicherheit verstärken, wéi zum Beispill Stroosseverklengerungen, Parkplazen, Gréngzonen, Ralentisateurs, Foussgängersträifen oder Vëlospisten. A schlussendlech awer och op all méiglech Zorte vu Schëlder, dorënner zum Beispill och Reklammschëlder.

Niewent dese Beräicher gesäit de Gesetzesprojet folgend wesentlech gesetzlech Ännerunge vir: Do wier emol als éischte Punkt deen, datt de Gesetzesprojet d'Permissions de voirie net nëmme fir déi normal Stroossen, mä och fir déi sougenannte Grandes voiries, wéi zum Beispill Autobunnen, aféiere wäert, an dat souwuel fir Aarbechten a Konstruktiounen innerhalb vun der bebaubarer wéi och der net bebaubarer Zon oder „Zone non aedificanda“ genannt. Hei handelt et sech zum Beispill ëm Poteauen oder Électricitétsmasten.

A puncto Voiries normales, wéi zum Beispill d'Nationalstroossen an d'Chemins repris, ënnerscheet sech de Gesetzesprojet zu där aler Gesetzgebung duerch folgend Punkten: De Projet de loi respektéiert d'Hierarchie vum Stroossennetz, dat heescht, d'Andeelung vun de Stroossen a verschidde Kategorië wéi Autobunnen, Ëmgehungsstroossen, Nationalstroossen, andeems et den Zougank zu de Stroossen, déi als Ëmgehungen dëngen, verbitt a méi restriktiv Bestëmmunge fir d'Nationalstroosse wéi fir d'Chemins repris hëlt.

Erlaabt mer hei ze soen, datt mer, wa mer dëst wichtegt Gesetz gehat hätten an der Vergaangenheet, op ville Plazen an eisem Land net déi Situatioun hätten, datt laanscht Nationalstroosse gebaut ginn ass an datt ganz vill Opfahrten an Offahrten entstane sinn, an da wier sécher de Verkierersfloss haut vill besser, wéi dat ass, trotzdeem datt de Verkierersopkomme jo awer och e ganzen Deel do derzou bäidréit.

Ech wëll u sech mat engem Beispill hei dëngen. E Beispill, wat ech natierlech gutt kennen an... Bon, deen een oder deen aneren, dee laacht schonno, mä et ass effektiv esou, wann ech d'N7 kucken, wou esou vill Verkierers opkënn a wou mer effektiv am Plan sectoriel «Transports» zwou Ëmgehungen vun Housen a vun Hengescht stoen hunn. Mä Realitéit ass, datt virun Housen an och tëschent Housen an Hengescht ëmmer méi Bremsen vum Verkierers kommen. Ech wëll nëmme erwähnen, datt viru kuerzem nach zousätzlech Insele komm sinn. An ech wëll awer kloer hei soen, datt dat ass fir d'Sicherheit op där Strooss ze assurieren.

Ech wëll also guer net déi Inseln hei kritisieren, mä ech wëll ganz einfach soen, datt mer mat all deene Saachen de Verkierers ëmmer méi bremsen an datt et fir mech ganz kloer ass, datt, wann ee wierkelech - an duerfir gesäit d'Gesetz jo och grad vir, datt Ëmgehungsstroossen esou eng Situatioun net méi kënnen kréien, well et verbueden ass, dann nach eng Kier laanscht d'Ëmgehungsstroossen ze bauen an en Accès op d'Ëmgehungsstrooss ze kréien - dohi geet an et baut een eng Ëmgehungsstrooss vu virun der Houschterdeckt bis hanner Hengescht, dann huet een all déi zeg Problemer, déi op där Streck sinn, d'un coup geléist.

Ech wëll do emol net hei vun enger Véierspurgkeet oder enger Zweespurgkeet schwätzen, mä einfach vum Prinzip vun all deenen Hindernisser. An net nëmme, datt de Verkierers gebremst gëtt, mä virun allem och ganz kloer, datt et och, wat d'Sicherheit ugeet, net déi ideal Situatioun ass, wéi se sech presentéiert.

Mä dat, wat ech hei fir d'N7 gesot hunn, gëllt selbstverständlech och fir...

(Interruption)

Ech hunn e Beispill gesot, Här Gibéryen.

...fir dat Ganzt, d'Wichtigkeet vun deem Gesetz hei ze ënnersträichen. Loosst mer also d'Méiglechkeet, dat esou ze maachen.

Et ginn also och vill aner Stroossen, wou déiselwecht Situatioun ass. An duerfir ass et also ganz wichtig, datt mer dat Gesetz hei kréien, fir datt an Zukunft eng Méiglechkeet ass, fir dat dote wierkelech ze verhënnere.

E weidere wichtigen Aspekt vum Text ass, datt eng Permission de voirie an der Regel gratis ass. Wann allerdéngs déi staatlech Stroosseninfrastrukture bei der Ausféierung vun autoriséierten Aarbechte beschiedegt ginn, da mussen an Zukunft d'Käschten zum Deel vum Demandeur iwwerholl ginn.

Och beim Verleeë vun Telekommunikatiouns-, Électricitéits- an Aerdgasinfrastrukturen an öffentliche Stroosse gëllt zwar en Droit de passage, dee gratis ass. Allerdéngs muss de Permissionnaire en Deel vun den administrative Käschten, déi bei der Bearbechtung vun esou enger Ufro vun engem Droit de passage entstinn, iwwerhuelen.

Op där anerer Säit gesäit den Artikel 11 ënner anerem awer vir, datt och de Stat sech am Fall vun Infrastrukturearbechte vun öffentliche Notzen, déi op Initiativ vum zoustänneg Minister gemaach ginn, un Ofschreiwungen oder u Méikäschte bedeelege kann, déi entstane sinn, well ebe vum ursprüngelechen Tracé huet missen ofgewach ginn.

Dann hält de Gesetzesprojet fest, datt eng Permission de voirie entweder zäitlech begrenzt, zum Beispill fir eng Reklamm, oder awer och permanent ka sinn.

Doriwwer eraus gesäit de geplangte Gesetzestext vir, datt d'Canonnieren vu Ponts et Chaussées, déi all Exame fir hir Carrière gepackt hunn, vum Direkter vun der Administration des Ponts et Chaussées d'Polizeigewalt iwwerdroe kënnen kréien an doduerch an Zukunft d'Recht kréien, fir Protokoller bei Verstéiss géint d'Permissions de voirie ze schreiwen.

A sengen Avisë war de Statsrot allerdéngs ganz reservéiert iwwert d'Tatsaach, datt d'Beamte méi Kompetenze solle kréien, fir Verstéiss opzedecken, fir déi si u sech net déi néideg Formatioun hätten.

Well d'Bautekommissioun awer un dësem Punkt festhale wollt, huet de Statsrot do-robber bestanen, datt déi Beamten hirer Fonctioun a Graden no, déi si innerhalb vun der Administration des Ponts et Chaussées hunn, ausgewielt ginn an datt si déi néideg professionell Formatioun hunn oder mussen hunn.

Déi zoustänneg Kommissioun huet dem Virschlag vun der héijer Kierperschaft Rechnung gedroen, an esou mussen déi betraffe Canonnieren eng speziell Formatioun matmaachen, wou si geléiert ginn, wéi ee Verstéiss géint d'Gesetz erausfënn a feststellt, wéi eng Strofen an deenen eenzelne Fäll da gëllen. Ausserdeem mussen déi Canonnieren en Eed schwieren, datt si hir Aufgaben integer, exakt an onparteesch ausüben.

De virleiende Gesetzesprojet definéiert dann och ganz genee d'Sanktiounen, déi bei Verstéiss applizéiert musse ginn. Esou wäerten d'Geldstrofen an Zukunft eropgesat ginn an tëschent 251 an 12.000 Euro leien. Ausserdeem kritt de Baute-minister d'Méiglechkeet, fir Konstruktiounen ofrappen ze loosse, déi ouni gültig Permission de voirie gebaut gi sinn.

Dann definéiert de Gesetzesprojet och d'Prozedur, déi beim Festleeë vun engem Plan d'alignement général muss respektéiert ginn. Ausserdeem bestëmmt den Artikel 4, a wéi engen anere Fäll, déi net

ënner eng Procédure vun engem Plan d'alignement général falen, d'Festleeë vun engem Alignement néideg ass. Zum Beispill, wann eng Strooss weinst der Schafung vun enger Busspur muss verbreedert ginn. Dann och, wéini e Plan d'alignement général muss festgeluecht ginn. A schlussendlech, datt de Plan d'alignement général vun öffentliche Notzen ass.

De virleienden Text suergt awer och weiderhin derfir, datt d'Privatterrainen, déi ausserhalb vum Perimeter vun de kommunalen Aménagementspläng leien, keen Accès un d'öffentlech Stroossennetz hunn. Doduerch soll, wéi ech dat schonno am Ufank gesot hunn, verhënnert ginn, datt sech d'Dierfer a Stied onkoordinéiert vergréisseren an doduerch a sech schwierig Situatiounen fir de Verkierers op eise Stroossen entstinn.

Schliesslech schafft dat neit Gesetz verschidde Gesetzter of, déi net méi applizéiert ginn. Ënnert déi ofgeschaaft Gesetzter fält eben och d'Gesetz aus dem Joer 1843, dat bis dato zum gréissten Deel d'Permissions de voirie fir Konstruktiounen an Aménagement laanscht d'Schinne geregelt huet.

De Statsrot hat a sengem Avis d'parlamentaresch Kommissioun drop opmierksam gemaach, datt een dat Gesetz net einfach esou ofschafe kéint, an dat, well de Statsrot sech gefrot huet, ob duerch déi méi prezis gesetzlech Bestëmmungen iwwert d'Permission-de-voirie d'Erhaltung an d'Erschleissung vum Eisebunnsréseau nach genuch ofgeséichert ass, an ob ënnert deenen neie gesetzleche Konditiounen déi spezifesch Besoinë vum Eisebunnsberäich och genuch berücksichtegt ginn.

Déi héich Kierperschaft hat dann och mat enger formeller Oppositioun gedroht, déi awer no Amendementer vun der parlamentarescher Kommissioun nees zrëckgeholl gouf. Allerdéngs huet d'Bautekommissioun un hirer Grondphilosophie festgehalten, datt d'Permissions de voirie, déi déi eenzel Zorte vun den öffentliche Infrastrukture betreffen, net harmoniséiert solle ginn an datt den Eisebunnsberäich net an deen neie Gesetzestext mat abezu wäert ginn.

De Statsrot huet du fir säin Deel a sengem zweeten zousätzlechen Avis eng Iwwergangsléisung fir Permission-de-voirie fir de Schinneréseau virgeschloen, mat där déi nei Nohaltegekeetskommissioun dann och averstane war. Esou gëtt d'Gesetz vun 1843 net ofgeschaaft. Gläichzäiteg gëtt preziséiert, datt dat aalt Gesetz net méi fir d'Permission-de-voirie vum Stroosseréseau, mä just nach fir déi vum Schinneréseau gëlle wäert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir gesitt also, datt de Gesetzesprojet e relativ technesch an administrativen Dossier ass an awer zur gläicher Zäit en immens relevante Projet fir déi zukünfteg Gestaltung vun der Transport- a Landesplanungspolitik duerstellt. De virleiende Projet enthält wesentlech Verbesserungen gégeniwwer der aler Gesetzgebung, déi einfach net méi un d'Erausforderungen vum 21. Jorhonnert ugepasst ass.

Den Text, iwwert dee mer elo ofstëmmen, ass awer och e ganz gutt Beispill vum Zesummespill tëschent den eenzelne politeschen Institutionen, wéi dat déi vill parlamentaresch Amendementer an Textproposen vum Statsrot bewiesen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, esou vill vu menger Säit. Fir weider Detailler zum Projet verweisen ech lech op mäi schrëftleche Rapport. En ass relativ voluminös, mä an der Kommissioun hat den zoustänneg President da gemengt, et wär derwäert en am Detail ze liesen, well et kënn ee sech eng Rei Informatiounen eraushuelen. Erlaabt mer nach zum Schluss, all deene Merci ze soen, déi um Ausschaffe vum Gesetzesprojet bedeelegt waren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun zum virleiende Gesetzesprojet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Rapporteur, dem honorabelen Här Ali



Kaes, Merci. Als éischte Riedner ass den Här Etgen agedroen. Här Etgen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, virwech Félicitatiounen an een oppriichtege Merci un de Rapporteur, den Här Aly Kaes, fir säi voluminéisen, exzellente schrëftleche Rapport a säin engagéierte mëndleche Virtrag. De Rapporteur huet drop higewisen, datt mer scho viru méi wéi 150 Joer eng Législatioun iwwert d'Permissions de voirie haten, fir de gudden Zoustand vun eise Stroossen ze garantéieren, d'Visibilitéit sécherzestellen, verkéiersberouegend Elementer anzebauen an d'Verkéiserssécherheet ze garantéieren an esou weider an esou fort.

Déi al Réimer haten zwar schonn exzellent Stroossen, Verkéisersregelen a Regele ronderëm waren hinnen awer total onbekannt, well d'Stroosse fir hir Zaldote gebaut goufen an déi grondsätzlech Virfahrt haten. Mam Ënnergang vum réimesche Räich huet kee sech méi ëm d'Stroosse gekëmmert, a jiddwereen huet op an niewent der Strooss gemaach, wat e gewollt huet. Et war duerfir, datt den Napoleon virun 200 Joer derfir gesuergt huet, datt streng a prezis Regele ronderëm d'Verkéisersnetz opgestallt goufen.

Här President, haut wärem mer vläicht frou, wann eis Stroossen nëmme vun eisen Zaldote géife benotzt ginn an de Rescht vun der Bevëlkerung op den öffentlichen Transport ëmgeklomme wär.

► **Une voix.**- Macht e Gesetz!

► **M. Fernand Etgen (DP).**- Mä mir hunn haut niewent dem Verkéier ronderëm eisem Härebiereg dagdeeglech 600.000 Autobewegungen an d'Stad eran an eraus. Queesch duerch d'Land sinn et der nach vill méi.

D'Erausfuerderungen un eise Stroossennetz sinn also geklommen, a mat hinnen d'Noutwendegkeet fir kloer a prezis formuléiert Regelen, wéi et organiséiert muss sinn. Mir brauche Regelen. Mä dës Regelen hunn an där heiteger Zäit awer nach aner Ziler, wéi dat fréier de Fall war.

Mir brauche Léisungen, déi net nëmme gutt fir de Verkéier sinn, mä och nach d'Natur an de Liewensraum nieft de Stroosse berücksichtegen. Mir brauchen eng effizient a sécher Verkéisersplanung, déi gläichzäiteg d'Natur schount an de Mënschen eng optimal Liewensqualitéit gëtt. An deem Spannungsverhältnis fënnt sech d'Stroosseplanung hautdësdays. Dobäi ass et net ëmmer einfach, eng Léisung ze fannen.

Jiddwereen, deem um Terrain mat der Problematik vun de Permissions de voirie konfrontéiert ass, weess, datt et oft dorëms geet, verschidden Interesse géinteneen ofzeweien: d'individuell Interessen, fir een Zougang fir säin Haus oder Lotissement zum Stroossennetz ze kréien; d'Sécherheitsbedenke vun de Ponts et Chaussées an esou weider an esou fort.

An der Vergaangenheet ass do méi wéi eng Kéier eng Extrawurscht gebrode ginn. Duerfir ass et ëmsou méi wichteg, datt kloer Rahmbedéngunge geschafe ginn, andeem déi dräi Facteure Mënsch, Natur a Verkéier berücksichtegt ginn. Esou eng integréiert Approche ass och den Ausgangspunkt vum IVL. An dësem Gesetz, wat mer haut stëmmen, erhieft den Usspruch, een Deelinstrument ze ginn, mat deem den IVL praktesch ëmgesat soll ginn.

Här President, dëst Gesetz gëtt dësem Usspruch awer net gerecht. De Stroosseverkéier gëtt an dësem Gesetz nach ëmmer nëmme gesinn als Méiglechkeet, fir méiglechst séier a bequem vun engem Punkt A op e Punkt B ze kommen. Vun enger integréierter Approche ass net vill ze gesinn. Dat eigentlecht Zil misst sinn, de Verkéier mat méiglechst wéineg Verkéier ze regelen.

Als DP bedauere mir, datt een dës Grondphilosophie am virleiende Projet net genügend ermënnert. Et ass net fäerdeg bruecht ginn, ee Ruck an d'Uerdnung vum Verkéisersraum ze bréngen. An och am Gesetz feelt de Ruck, fir der gesamter Verkéisuerdung ee qualitative Sprong no vir ze ginn a mam Gesetz iwwert d'Permissions de voirie e reellt Deelinstrument

ze schafen, fir den IVL ëmzesetzen. Schued, wierklech schued! Vill gëtt vun nohalteger Politik geschwat, mä wa mer vu Verkéiserspolitik schwätzen, fale mer allze oft an al Denkschemen zrëck.

Här President, mat deem virleiende Gesetz ginn d'Méiglechkeete geschafen, fir eng uniform Applikatioun vun de bestehende Regelen iwwert den Territoire vum ganze Land, wat virauser net onbedéngt de Fall war, wou et verschidden Applikatiounen, jee no Regionalbüro vun de Ponts et Chaussées, gi sinn. Mir kënnen elo ee prezisen, kloer strukturéierte Guide d'application opstellen. Dëst Gesetz schafft méi Gerechtegkeet, eng besser Transparenz a méi kloer formuléiert Objektiv. An dat wëlle mer als Demokratesch Partei ausdrëcklech begrëssen.

Här President, mat deem virleienden Text kritt de Stat eng Rei vun Instrumenter, déi him et sollen erméiglechen, seng Approche, seng Politik a Saache Stroossennetz méi kohärent duerchzezéien. Op enger Rei vu Punkten ass am Moment am Gesetz awer nach net gekläert, wéi d'Décisiounen geholl solle ginn am Fall wou zum Beispill tëschent Gemeng a Stat ënnerschiddlech Point-de-vue bestinn. Et bleift ze fäerten, datt de Stat hei an Zukunft einfach d'Dampwalz eraushuelen an d'Gemenge platt maache wäert.

Fir d'DP sollen d'Gemengen awer responsabel si fir d'Organisatioun, d'Planifikatioun an d'Ëmsetzung vun engem Verkéiserskonzept op hirem Territoire. D'Gemenge mussen dofir als Partner gesi ginn, an net als Géigner, wann et ëm eise Stroossennetz geet. Dësen Esprit fënnt een am momentane Gesetz awer net erëm. Et bleift ze fäerten, datt an der Praxis den Handlungsspillraum vun de Gemenge weider beschnidde wäert ginn.

Här President, ee wichtegt Element am Gesetz iwwert d'Permissions de voirie sinn déi Infrastrukturen, déi besonnesch bannent den Uertschaften ënnert dem Stroosseraum ënnerbruecht ginn. Et handelt sech ëm wichteg Infrastrukture fir d'Liewensqualitéit vun de Leit, well et elementar Déngschtleeschunge sinn. Ech schwätze vum Réseau vun der Waasser-versuergung, der Waasserentsuergung, dem Elektreschen, Telefon, Antenn, de Wärmenetzer. An et kommen der nach all Dag derbäi.

Et läit an der Saach, datt hei déi verschidde Bedreiwer all hir eege Logik hunn. Mir brauchen duerfir och hei prezis a kloer strukturéiert an hierarchiséiert Regelen. Besonnesch am städtesche Raum gëtt duerch eng Panoplie vu multitubulaire Kabelen am Telekommunikationsberäich d'Plaz ënnert dem Trottoire ëmmer méi enk bemooss.

Här President, nieft all Regelwierk ass hei awer eng gesond, pragmatesch Approche gefrot. Déi verschidde Bedreiwer mussen hir Aarbecht an Zukunft nach besser koordinéieren a mateneen ofschwätzen. Dauerchantieren dënge weder dem Verkéisersfloss nach der Liewensqualitéit vun de Leit. Iwwerreglementéierung bréngen eis awer derzou, datt d'Chantieren iwwerméisseg laang higezu ginn. Dat kréie mer och mat dësem Gesetz leider net an de Grëff. Dat hänkt éischter vun anere Reglementatiounen of.

Esou ass et zum Beispill onbegreiflech an net ze verstoen, datt all Kéier, wann ee Waasserservice ee Stéck Rouer muss ersetzen oder Verstärkungen um Réseau muss virhuelen, Aarbechten, déi zur Responsabilitéit vun de Gemengen zielen, déi staatlech Waasserverwaltung am Viraus pour avis conforme muss gefrot ginn. Hei geet vill Zäit verluer, d'Onversteesdemech vun de Leit ass ze verstoen, mä virun allem gi mat méifachem Oprappen an Zou-rappen d'Projeten onnéideg verdeiert. D'Gemeng a Ponts et Chaussées gi verdäiwelt, ouni derfir ze kënnen.

Här President, wa fréier d'Gesetz iwwert d'Permissions de voirie ee wichtegt Element war, fir d'Bebauung ze organiséieren duerch d'Festsetze vun de sogenannte Points kilométriques laanscht d'Landstroossen, dem Festsetze vum Recul antérieur vun den Haiser, muss een awer haut soen, datt duerch ee bessert Ofstëmme mam Gesetz iwwert d'Lotissementer an d'kommunal Bebauung d'Ziler vun engem

modernen Urbanismus mat dësem Gesetz besser erreecht ginn.

Ech denken hei besonnesch un d'Feeler, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn, um Beispill vun der N7 am Uelzecht-dall bis erop op d'Wämpershaart. An de Rapporteur huet dat schonn exzellent skizzéiert.

(Interruption)

Duerfir kënnt och den Dispositiounen iwwert de Réseau vun der Grande voirie eng wichteg Bedeitung zou, datt d'Feeler aus der Vergaangenheet sech net solle widerhuelen.

Här President, am Numm vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei wëll ech d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz ginn, well et eng wesentlech Verbesserung ass vun deem, wat mer bis elo haten. Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Fernand Etgen Merci. Elo kritt d'Wuert den Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Diederich (LSAP).**- Merci, Här President. Dir Häre Ministeren, léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Gesetzesprojet 5823 bestëmmt d'Regelen an d'Prozeduren, no deenen de Minister vun den Travaux publics d'Permissions de voirie fir d'Gesamtheit vum staatleche Stroossennetz festleet. Den IVL, deem am Joer 2004 ausgeschafft gouf - de Rapporteur ass zwar schonn drop agaange virun -, huet als Zil, d'Objektiver vum Aménagement du Territoire, vum Transport a vun der Ëmwelt openeen ofzestëmmen.

Bis d'Joer 2020 soll en „modal split“ vu 25/75 op Landesniveau erreecht ginn, wat nëmme méiglech ass duerch e konsequente Ausbau vum öffentlichen Transport, op der Schinn an op der Strooss. Nei Bebauungsforme solle fir eng besser Mixitéit vun de Funktiounen Wunnen, Schaffen, Schoulinfrastrukturen, Handel a Fräizäitméiglechkeete suergen an d'Distanzen dozwësche reduzéieren. Déi bestehend souwéi déi nei Bebauung soll ausserdem verdicht ginn. D'Gesetzgebung iwwert d'Permissions de voirie gehéiert zu de reglementareschen Instrumenter, déi an dësem Kontext zur Uwendung kommen.

Den Artikel 4 leet fest, datt op Initiativ vum Minister op Stroosseno-fschnëtter ausserhalb oder innerhalb vun den Uertschaften kann e generellen Alignementsplang opgestallt ginn, nodeem déi concernéiert Gemeng ëm hiren Avis gefrot ginn ass. Dëse Plang gëtt vun der Verwaltung vun de Ponts et Chaussées ausgeschafft an an der concernéierter Gemeng déposéiert.

Bannent 15 Deeg muss de Schäfferot d'Bierger duerch Aushang an duerch Publikatioun a véier Dageszeitungen informéieren. Duerno hunn d'Bierger 30 Deeg Zäit, de Projet zur Kenntnis ze huelen an hir Observatiounen schrëftlech dem Schäfferot matzedelen, dee se bannent aacht Deeg der Regierung matdeelt. Den definitive generellen Alignementsplang gëtt a Form vun engem groussherzogleche Reglement festgehalten.

Niewent dëser Prozedur kann een Alignement eng Ofriedung vun engem Deel vum Privateigentum nëmme a folgende Fäll festleeën: wann den öffentliche Stroosseraum verbreedert muss ginn am Hëlbleck op d'Schafung vu Spure fir den öffentlichen Transport souwéi vum öffentlichen Raum fir Cyclisten a Foussgänger; wann an der Traversée vun enger Uertschaft de Stroosseverlaf opgrond vu Contrainté muss redresséiert ginn - dëse Projet muss duerch déi zoustänneg Autoritéit genehmegt sinn -; an drëtens, wann eng Verbesserung vun der Visibilitéit am Interesse vun der Sécherheet vun de Stroossebenotzer an den Ustësser noutwendeg ass. Déi zwou Forme vun Alignement ginn als Utilité publique deklaréiert.

Laut Artikel 5 ass eng Permissioun och erfuerdert, wann déi entsprecheend Konstruktiounen oder Plantatiounen realiséiert ginn op enger Distanz vu manner wéi zéng Meter vum Alignement vun der öffentlecher Strooss. Dës Distanz bedréit 25 Meter bei den Nationalstroossen. Fir Ëmännerungen u bestehende Gebaier, bei deenen d'Emprise um Sol net geännert gëtt an déi bestehend Geometrie vun den

Accèsë respektéiert gëtt, brauch ee keng nei Permissioun, wann d'Affektatioun vun de Gebailechkeeten net geännert huet.

Den Artikel 6 gesäit néng verschidde Kategorie vum Accès vir: vum individuellen Accès an ee Feld oder an ee Bësch, zu engem Feldwee oder Syndikatswee, enger eenzelter oder Zweefamilljewunneng, enger Tankstell. Kollektiv Accèsë gëtt et zu engem Lotissement oder engem öffentlichen Parking, enger Industrie- oder Handelszon an engem Gemengewee.

Eng Permissioun kann nëmme fir eng Kategorie erdeelt ginn. Si gëtt nëmme ausgestallt, nodeem kontrolléiert ginn ass, datt d'Destinatioun konform ass zu de Bestëmmunge vum Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den Aménagement communal an den Développement urbain. Fir all d'PApe muss eng Permissioun ausgestallt ginn, fir déi gemeinsam Aménagerer ze definéieren, zum Beispill den Emplacement vun de kollektiven an individuellen Accèsen, Parkplazen iwwer an ënnert dem Buedem respektiv d'Ueschlëss un déi bestehend Leitungen.

Am Artikel 7 gëtt festgehalten, datt d'Austelle vun enger Permission de voirie gratis ass. Den Här Rapporteur ass zwar schonn drop agaangen: Wann awer d'Qualitéit vun der definitiver Reparatur vun de Beschiedegungen et noutwendeg mécht, décidéiert de Minister d'Erëmhierstellung vum öffentlichen Eegentum duerch d'Administration des Ponts et Chaussées zu Laaschte vun deem, deem d'Permissioun ugefrot huet.

Niewent dem gratis Passage op öffentlichen Terrain vun den Infrastrukture vun den Telekommunikatiounen, dem Elektreschen an dem Naturgas muss de Permissionnaire een Deel vun de Fraisen iwwerhuelen, déi duerch Dossierskäschten oder d'zäitweileg Benotzung vum öffentlichen Raum während den Aarbechten entstane sinn.

Den Artikel 8 vum Kapitel 3 enthält Bestëmmunge fir déi öffentlech Stroossen, déi zur Grande voirie gehéieren, fir d'Contournement vun Uertschaften respektiv déi Stroosseno-fschnëtter, déi en Échangeur un dat normaalt Stroossennetz uschlëssen.

Eng Permission de voirie ass och noutwendeg fir d'Interventiounen an de Zones non aedificandi, déi duerch d'Gesetz vum 16. August 1967 festgeluecht sinn, souwéi fir folgend Aménagerer, déi an dësen Zone virgeholl ginn: d'Baue vun engem Schacht, zum Beispill am Zesammenhang mat ënnerierdeschen Aarbechten, d'Oprichte vu Poteauen oder och Baussen-aménagerer op de Privatpropriétéiten.

Laut Artikel 9 kann de Minister de Gestionnaire vu Réseauen e präzise Couloir zouweisen, an deem se hir Équipementen mussen installéieren, fir esou de Patrimoine vun der Strooss ze schützen. D'Permissiounen kënnen permanent sinn oder zäitweilegen Effet hunn. D'Fraisé fir Adaptatiounen, déi noutwendeg sinn, wa Stroossen duerch den Tracé vun enger Autobunn geschnidde ginn, gi vum Stat iwwerholl op enger maximaler Längt vun 250 Meter, wann de Gabarit vun der neier Strooss vun der bestehender Situatioun ofwäicht.

Bon, den Här Rapporteur huet vill Saache gesot, déi ech elo kann ewechloossen.

Géint de Refus vun enger Genehmegung kann e Recours virum Verwaltungsgeriicht ageluecht ginn. De Minister kann awer och dréngend Moosnamen ergräifen, fir ze évitéieren, datt d'Sécherheet vun de Stroossebenotzer a Gefor geréit duerch Aarbechten, déi ouni Permissioun ausgefouert ginn oder ouni déi entsprecheend Konditiounen ze beuechten. Hie ka Publicitéitsschëlde oder Panneauen ewechhuele loossen, déi opgestallt goufen, ouni d'Bestëmmunge vum Gesetz ze respektéieren. D'Fraisé sinn an dësem Fall fir déi responsabel Persounen.

Den Här Kaes ass och schonn op d'Strofen agaangen, ech kann dat dann och, wéi gesot, ewechloossen.



De Riichter kann awer och décidéieren, datt den Terrain muss an den ursprénglechen Zoustand zrëckversat ginn, dëst zu Laaschte vun där Persoun, déi d'Gesetz mëssuecht huet. D'Uerteel leet den Délai fest, dee maximal ee Joer ka sinn, bannent deem d'Aarbechte mussen ausgeféiert ginn.

D'Fonctionnaires aus der Carrière vum Cantonnier vun de Ponts et Chaussées kënnen vun hirem Direkter domat beoptraagt ginn, Infractiounen zu dësem Gesetz a senger Reglementer festzustellen.

Ech wollt do nach just soen, datt déi Leit och mussen eng spezial Formatioun matmaachen, ier se kënnen natierlech déi Funktiounen als Officier de police judiciaire exerzieren.

D'Permissiounen, déi ausgestallt goufen no de fréiere Bestëmmungen, bleiwen a Kraaft während der Dauer vu maximal fënnf Joer vun deem Datum un, wou dat neit Gesetz a Kraaft trëtt. Déi Demanden, déi ënnerwee sinn, mussen dann a Konformitéit gesat gi beim Akraafttreden och vun den neie Bestëmmungen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wa mer wëssen, datt et ëmmer méi schwiereg gëtt, op eise Stroossen ze zirkuléieren, besonnesch zu de Spëttestonnen, bedéngt duerch d'Verdichtung vun der Bebauung, esou hoffen ech, datt d'Bestëmmunge vun dësem Gesetz wäerten dozou bäidroen, d'Zesummeliewe vun alle Stroossebenotzer ze verbesseren, dëst besonnesch am Hibleck op d'Sécherheet an d'Liewensqualitéit vun de Leit, déi op der Strooss fueren, déi op d'Strooss wëllen erausfueren an déi laanscht Strooss oder am direkten Ëmfeld dovun wunnen.

An deem Sënn wëll ech lech den Accord vu menger Fraktioun heimat bréngen, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Fernand Diederich Merci. Et ass kee Riedner elo méi agedroen, sou datt elo d'Regierung d'Wuert kritt. Den Här Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler.

► **M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här President. Och do nach eng Kéier dem Rapporteur villmools Merci, deem de Projet wierklech an all sengen Detailer souwuel schrëftlech wéi mëndlech duergeluecht huet, an och der ganzer Kommissioun fir déi vill Aarbecht, déi geleescht ginn ass.

Ech mengen, dat hei ass e Projet, deem extrem technesch ass, deem och mat dem Conseil d'État zesummen eng ganz Rei Hin-an-Hieren hat, wou mer hu misse wierklech oppassen, datt och all Detail géif klappen. Dat war eng wierklech minutiéis Aarbecht, déi hei an der Kommissioun geleescht ginn ass, an dofir villmools Merci.

E puer Wieder wëll ech soen iwwert déi Remarquen, déi hei gefall sinn. Dat Éischt ass, datt et fir mech wichteg ass, datt - et war awer en Text vun 1943, deem effektiv net méi un d'Situatioun vun haut ugepasst war - mer elo en Text hunn, deem eis erlaabt, un déi Froen do erunzegoen, andeem mer déi noutwendeg Instrumenter hunn, fir eng Politik och kënnen op deem do Niveau ëmzesetzen.

Et si vun deene Leit, déi virdu geschwat hunn, vum Här Etgen, eng Rei positiv an negativ Säite genannt ginn. Ech wëll soen, datt mer an deem Text hei eng ganz Rei kloer Objektiv dran hunn, Objektiv, déi eis erméiglechen, fir eng kloer Hierarchisatioun vun dem Stroossennetz ze hunn, déi eis erméiglechen, fir och op deem Stroossennetz esou kënnen ze agéieren, datt mer den Objektiv, déi mer deenen eenzelne Stroosse ginn, och gerecht ginn, an datt mer deem Charakter, dee mer de Stroosse wëlle ginn, och kënnen gerecht bleiwen. An dat ass fir mech e wesentlechen Aspekt.

Eng Permission de voirie an e Permission-de-voiries-Text, Här Etgen, dat wollt ech soen, ass net en Text, mat deem een Trafic-problemer kann definitiv léisen. Dofir gëtt

et aner Regeln, dofir gëtt et aner Texter. Dat hei ass en Text, deem eis erlaabt, deem Deel vun dem Ëmsetze vum IVL, wat d'Hierarchisatioun vun de Stroossen ass, an dee Moment kloer Festsetzungen, wou een Typ a wou en aneren Typ vu Verkéier soll fléissen; deem eis erlaabt, déi Zilsetzunge besser ze errechen; deem eis och erlaabt, Couloiren ze fixéieren; an deem eis och erlaabt, preventiv ze schaffen, fir eis déi noutwendeg Fonctionnalités zu künftgerecht oprecht ze halen.

Op där anerer Säit ass et och esou, datt mer - an déi Fro ass och ukomm - op Basis vun der Organisatioun vun de Stroossen a vun de Chantieren, déi gemaach ginn, eis awer duerch den Text emol eng Kéier eng richtig Méiglechkeet ginn, fir d'Gestioun dovunner besser ze maachen. Et ass evident, datt eng Rei Opérateuren, déi hir Netzer mussen ënnert d'Strooss leeën, och dat musse kënnen, well einfach e Besoin ass, datt déi Netzer doleien, datt déi Netzer och musse reparéiert ginn. Mä duerch dësen Text gi mer eis awer d'Méiglechkeet notament, fir Couloire relativ kloer op deem wichtege Stroossentissu ze definéieren, datt mer genau wëssen, wou se sollen hikommen, datt mer och kënnen d'Organisatioun vun der Strooss korrekt bäibehalen.

En plus ass et esou, datt an der Praxis, och wa Chantiere gemaach ginn, och probéiert gëtt, déi sämtlech Opérateuren unzschreiwen, datt, wann an engem Chantier, dee gemaach gëtt, nach aner Opérateuren zousätzlech wëllen op deem Chantier dat maachen, wat si ënnert der Äerd wëlle maachen, si dat och an enger Operatioun kënnen maachen, datt mer esou mann wéi méiglech Chantieren op de Stroossen hunn, well mer hunn der scho genuch. Mä dësen Text erlaabt eis, dat vläicht e weéneq anescht an de Grëff ze kréien.

Dat waren déi puer Remarquen, déi ech wollt zu deem Gesetz maachen. Nach eng Kéier all de Fraktiounen Merci fir d'Ënnerstëtzung.

► **M. le Président.** - Ech soen dem Nohaltegkeetsminister Claude Wiseler Merci. Domadder si mer um Enn vun eiser Diskussioun, a mir kommen elo zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Quorum ass erreecht. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5823 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont vot oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Nancy Arendt), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert (par M. Marcel Oberweis), Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Lucien Clement), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz (par M. Lucien Thiel), Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Fernand Etgen) et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zu eiselem leschte Punkt vum Ordre du jour, an zwar zu

enger Question avec débat vum Här Jean Huss iwwert d'Antitubaksgesetz. Den Auteur vun der Fro huet fënnf Minutten Zäit, fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro virzedroen. Der Regierung stinn zéng Minutten zou. Elo huet den Här Huss d'Wuert.

5. Question avec débat N°4 de M. Jean Huss au sujet de la lutte antitabac de 2006

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Merci, Här President. Meng Question avec débat, déi ech den 19. November dëst Joer agereecht hunn, bezitt sech op d'Tubaksgesetz, wat 2006 gestëmmt ginn ass, wat also elo dräi Joer a Kraaft ass. Dat Tubaksgesetz hat eng Rei vu Fortschrëtt hei a Lëtzebuerg ouni Zweifel bruecht. Mir waren als Gréng trotzdem onzufrieden iwwert dat Tubaksgesetz, well et eis net wäit genuch gaangen ass, virun allem wat d'Situatioun ubelaangt vun de Caféen, vun de Bistron, vun den Diskothéiken an esou virun, wou nach kee Fëmmverbuet deemools festgehal ginn ass, am Ënnerschied zu anere Länner aus dem Ausland, aus dem europäeschen Ausland, wou dat och schonn deemools geschitt ass.

Meng Froen: Ech hu véier Froen hei, déi ech un de Gesondheitsminister an un d'Regierung hei ze richten hunn. Déi éischt bezitt sech elo op eng Evaluatioun vun dësem Gesetz, op e Bilan also no dräi Joer. No dräi Joer muss ee kënnen en Zwëschebilan vun esou engem Gesetz zéien. Et ass also d'Fro: Wéini kréier mer déi Evaluatioun do ze gesinn? Dat ass eng éischt Fro.

Eng zweet Fro, déi ech gestallt hat, huet sech dorobber bezunn, eben op déi Saachen, wou mir onzefridde waren 2006, nämlech, ob net doru géif geduecht ginn, fir dat Tubaksgesetz, dat Fëmmverbuet auszudehnen och op Caféen, op Bistron, op Diskothéiken. Engersäits wéinst dem Passivfëmmen, deem do d'Personal ausgesat ass, an anersäits natierlech och d'Passivfëmmen, deem d'Clienten ausgesat sinn. Et ass also an där duebeler Situatioun do, wou da Passivfëmmen ka geféierlech sinn.

Ech si frou, datt de Gesondheitsminister vun dëser Regierung am Fong schonn, ier ech hei elo d'Fro gestallt hunn, um Rand vun enger Pressekonferenz dorobber geäntwert huet an deem Sënn, datt e wëllt dat Verbuet ausweiden op d'Bistron an op d'Diskothéiken, wouriwwer mir als Gréng absolut frou sinn, wann dat sollt geschéien.

Mir mengen nämlech, datt et déck Zäit gëtt, datt hei zu Lëtzebuerg och an de Caféen, Bistron an Diskothéiken et zu engem Fëmmverbuet kënnt, esou wéi dat beispillsweis an eiselem Nopeschland Frankräich de Fall ass, esou wéi dat an engem Land wéi Irland de Fall ass, wat ëmmerhi bekannt ass fir seng Puben, fir seng Kultur vun de Puben, esou wéi et och scho virun 2005 war an Italien, wou also schonn an Italien, vum Süde bis an den Norde vun Italien, e Fëmmverbuet och an de Bistron, an de Caféen an Diskothéiken virgeherrscht huet. Mir mengen, datt dat aus Grënn vum Schutz virum Passivfëmmen absolut noutwendeg ass.

Ech wëll och drun erënneren, datt an dësem Kontext, net méi spéit wéi geschter oder haut, vun der Ligue luxembourgeoise contre le cancer - déi e remarquable Match mécht op deem dote Gebitt, fir d'Gesondheet ze schützen - e Communiqué publizéiert ginn ass, wou laut enger europäescher Etüd hei zu Lëtzebuerg eleng duerch d'Passivfëmmen pro Joer géife 86 Leit stierwen, dorënner iwwer 20 Leit, déi selwer Netfëmmerte wieren.

Wat jo awer Zuele sinn, déi eis missten ze denke ginn, wa mer eis, op där enger Säit, ëmmer berechtigterweis opreegen iwwert déi Verkéiersdoudeg, déi mer hei am Land hunn, wa mer eis och ufänke Gedanken ze maachen iwwert déi Leit, déi selwer hirem Liewen en Enn setzen iwwert d'Suiciden, déi jo och zahlreich sinn, da missten eis och 86 Doudeger duerch d'Passivfëmmen interpelléieren. A mir mengen, datt also déi Fëmmverbuerter missten och op Diskothéiken, op Bistron, Caféen, Brasserien an esou virun ausgedehnt ginn.

Déi Leit, déi do dergéint plädéieren, soen - d'Clienten beispillsweis, mä och Politiker -, dat wier eng Aschränkung vun der Fräiheet. Am Fall vu Clienten, déi mengen, si missten am Bistro kënnen weider fëmmen, stellen ech mer awer do Froen. Leit, déi gezwonge sinn, während enger Stonn, wou se dosëtzen, awer da mussen ze fëmmen, sinn déi Leit da wierklech fräi? Sinn déi fräi, oder si se ofhängeg? Den Nikotin ass jo bekanntlech eng Sucht. Wou kann een do iwwerhaupt vu Fräiheet schwätzen?

Eng zweet Saach ass déi: Wéi steet et da mat der Fräiheet vun all deene Leit, an dat ass déi large Majoritéit hei am Land, déi net fëmmen an déi och gären an e Bistro géife goen oder a Cafée géife goen oder a Brasserie géife goen, an, wann et Jonker sinn, an d'Diskothéiken gäre géife goen, an déi do eben net fräi sinn eranzegoen, wa se sech wëlle schützen virun deem Passivfëmmen, virun de Gesondheetsschied, den nogewisene Gesondheetsschied vun deem Passivfëmmen? Wéi ass dat mat der Fräiheet vun deenen?

Ech mengen, wann ee kuckt, wat am Ausland lass ass, wann een iwwer eis Grenz geet, ob een elo a Frankräich, a Lothringen geet, oder - et brauch een net an Italien oder an Irland ze goen - elo gläich am Saarland, wou datselwecht wäert kommen. Wann een dat mécht - et kënnt een aner Länner hei nach zitéieren -, da misst et dach awer och esou sinn, datt dat hei zu Lëtzebuerg méiglech wier, dee Schratt no vir ze maachen, fir och a Caféen, a Bistron e Fëmmverbuet, en allgemengt Fëmmverbuet ze maachen, fir engersäits d'Personal ze schützen an anersäits d'Clienten ze schützen, déi net de Gesondheitsgefore vum Passivfëmmen ausgesat wëlle ginn.

Et wier dach einfach, mengen ech, fir déi Leit e weéneq Respekt ze weisen. An all deene Länner, wou dat Fëmmverbuet géllt, ass et esou, datt déi Leit nach ëmmer gradesou vill Clienten an hire Caféen an och an den Diskothéiken hunn. Dat hunn ech jo nach d'lescht Woch a Frankräich, zu Paräis, gesinn. Da si Jonker do, déi ginn da virun d'Dier, da gesäit ee fënnf, zéng Stéck virun der Dier do fëmmen, an da gi se erëm eran. Herno kommen e puer aner Jonker eraus, fir ze fëmmen, an da gi se erëm eran. Dat misst dach awer méiglech sinn, zwou, dräi Minutten sech ze déplacéieren eraus, fir datt de Raum, de geschlossene Raum propper bleift. Da kënnen nämlech och aner Leit... An et gi vill Leit, déi net méi a Bistron ginn, well gefëmmt gëtt, well se deem Zigaretten-damp net méi kënnen verdroen, well se mat Kappwéi reagéieren an esou virun. Déi Leit mussen och d'Recht hu kënnen an d'Bistron ze goen.

► **M. le Président.** - Här Huss, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. Jean Huss (déi gréng).** - Ech kommen och gläich zum Schluss. Ech kommen dann zu der drëtter Fro, déi ass ganz kuerz. Et ass och suggéiert ginn, scho virun e puer Joer, vun der Ligue luxembourgeoise contre le cancer, fir besonnesch Jonker dovunner ofzehale fir ze fëmmen. Ob do d'Regierung géif drun denken, d'Accisen um Tubak progressiv an d'Luucht ze hiewen?

An déi véiert Fro ass eng Fro, déi reng mat Opklärung, mat Informatioun ze dinn huet. Dat ass de Schutz vun de Kanner a vun de Jugendlechen, deem an eisen Aen nach net genügend assuréiert ass, a wou mer mengen, datt een nach méi cibléiert, spezifesch Campagn misst maachen, bei Kanner beispillsweis: Opklärung. Wat ass dat fir e Bild? Mech erschreckt dat ëmmer, wann ech mam Auto fueren an ech gesinn, datt Autoe laanscht fueren an och niewent mer fueren, wou dann eng jonk Fra sëtzt, an de Puppelche sëtzt hannendran, an da fëmmt déi an hirem Auto. Ech mengen, iwwer esou Situatiounen misst ee kënnen Opklärung maachen, well d'Leit et nach ëmmer ënnerschätzen, déi Geforen, besonnesch fir d'Bëbeeën.

An dann, wat Jugendlecher ubelaangt, menge mer och, datt do nach méi cibléiert Aktioun misst gemaach ginn, well et jo esou ass, datt Jugendlecher awer nach ëmmer vill fëmmen. Ob dat elo Jongen oder Meedercher sinn, mä bei Meedercher mécht et mer nach zousätzlech Suergen,